Sport vum erzéieresche Standponkt aus gesinn

Aus enger Konferenz vum Här Turnprofesser Jim Meisch

Publizéiert an der Zeitung vun der ACJL

Juni 1957

De la Fontaine sot emol: « L'absence est le plus grand des maux ». Dee Saz kann ee positiv man a soen : « La présence est le plus grand des biens ».

Dir als Vertrieder vun der kathoulescher Jugend vu Stad a Land sidd haut present, sou wéi d'Jugend ëmmer „hei" rifft, wa sech eppes bitt.

Dat „eppes", dat Iech haut uewe läit, heescht Sport.

Sportsmanifestatioune gëtt et all Sonndes, och alt an der Woch, reegelméisseg eng hallef Säit oder eng Säit an der Zeitung, et gëtt Sportszeitungen, Revuen an Digesten. Vum Sport gëtt op der Strooss geschwat, am Zuch, op der Aarbecht, am Café, iwwer Dësch, am Radio, an der Televisioun. Et gëtt Leit, déi esouguer dovu liewen. Am Sportstotto rullen d'Milliounen. Vum Sport gëtt och am Gemengerot geschwat an an der Chamber an duerfir ass et gutt, wann eis Vertrieder an der Chamber drop opmierksam gemaach ginn, datt de Sport an déi physesch Erzéiung (2 Termen, tëschent deenen am gewéinleche keen Ënnerscheed gemaach gëtt) fir d'Jugend vun haut eppes ass, wat sech nit méi ewechdenke léisst an ëm dat sech muss gekëmmert ginn. Et gëtt och am Ministère des Sports an am COL dervu geschwat. D'Iddi vun engem Sportsinstitut ass lancéiert. D'Politiker schwätze vun enger neier Planung am Sport a fir de Sport, well d'Gesondheet vum Vollek hinnen uewe läit, an d'Milliounen, déi an Terraine gestach goufen, net dat halen, wat domat versprach ginn ass.

Et läit mir net, haut virun Iech wëllen de Prozess vum Sport ze man. Ech si keen Affekot, mee d'physesch Erzéiung ass mäi Beruff.

Loosse mir duerfir léiwer den erzéieresche Wäert vum Sport e wéineg ënnert d'Lupp huelen an op d'Schwieregkeeten hiweisen, mat deenen d'Éducation physique et sportive ze kämpfen huet.

„Le Sport peut être la meilleure et la pire des choses », hunn ech emol zu Nanzeg an engem Clublokal gelies. Hie kann zum Beschten, wéi zum Schlechste féieren.

Den Zauberlehrling, deen d'Geeschter rifft, awer net verdriwwe kritt, fält mer elo bäi. Mir hu gesot, de Sport geeschtert iwwerall (seng Ausdréck ginn esouguer an dat deeglecht Liewen iwwer: 1 – 0 heescht d'Revue am Theater).

Dem Sport ka vill Guddes zougeschriwwe ginn op sozialem Gebitt. Et huet emol e Buergermeeschter (La Guardia) vun New York Boxhalen opgemaach an domat ass d'Kriminalitéit zréck gaang. (Et ass intressant iwwer esou e Sujet mat de Kriminologen ze schwätzen). Vill Ongléck ass och schon an d'Welt komm (nit vun den Autosonglécker ze schwätzen), déi aus engem Sportsdriff geschéien. Zou San Sebastian huet den italiéinesche Champion am Fechte gesot, d'Fechte wier kee Sport, mee eng Krankheet, déi infizéiert.

All Krankheet an all Iwwel op der Welt huet als Ursaach d'mënschlech Ignoranz.

Ob de Sport sech zum Gudden oder zum Schlechten auswierkt, läit

1. bei deenen, déi de Sport effektiv bedreiwen, bei Jonktem also, déi d'Acteure sinn;
2. bei den Dirigeanten, déi Regisseure sinn a fir d'Mise en scène ze suergen hunn.

ad 1. Wann d'Sportler net wëssen, mat wat fir engem Feier se spillen, wat fir Passioune si bei sech, bei de Spectateuren ausléisen

ad 2 Wann d'Dirigeanten am Sport e Mëttel gesinn, hiren egoisteschen Zilen ze déngen, da kënne mer soen: „C'est la pire des choses ».

« Je ne vois pas que le cas soit pensable », seet de Molière.

Loosse mer eis deem Avis uschléissen an emol ënnersichen, wat Sport iwwerhaapt ass, op wat fir Tendenzen de Sport fousst.

Hei ass d'Definitioun, déi den Hébert (Auteur de la Méthode naturelle) vum Sport gëtt : Sport ass all Übung oder physesch Aktivitéit, déi zum Zil eng Leeschtong huet, déi vun enger Kampfidee géint e bestëmmt Element gedroe gëtt. Dat Element ka sinn: eng Distanz, eng Zäit, en Hindernis, eng materiell Schwieregkeet, eng Gefor, en Déier, e Mënsch als Géigner, a schliisslech sech selwer. Doraus ergi sech all Sportaarten.

Kampf a Leeschtong bilde fir den Hébert d'Essenz vum Sport. Dat wëllt soen, datt een ëmmer wëllt besser maachen. Dat kënnt och an der olympescher Devise zum Ausdrock: „**Citius, altius, fortius**". Méi schnell, méi héich, méi staark.

E puer Exempelen, wéini dat ee Sport dreift :

- E Bréifdréier, e Bannhidder, déi hir Tournée ëmmer am selwechte Schratt maachen, maachen eng Marschübung. Versiche se awer, hir Tournée méi séier ze man, hir Allür ze changéieren, méi séier ze goe wéi e Komerod, da maachen se Sport.
- An deen am Waasser schwëmmt, mécht eréischt Sport, wann en am Waasser fir eng gewëss Streck ze schwammen, seng Zäit chronometréiert a versicht, se ze verbesseren oder engem anere seng Zäit ze ënnerbidden.
- E Rad-, Moto-, Autofuerer maachen en Deplacement, wa se fortfueren an d'Landschaft a si maache Sport, wa se sech eng Zäit setzen, fir op enger gewësser Plaz unzekommen oder geféierlech Kéiere séier ze huelen.
- En Turner, deen iwwert de Barre klëmmt, mécht eng Kletterübung; wann e versicht, méi Eleganz, méi Schwieregkeet, méi Schéinheet a seng Übung ze leeën, da mécht hie Sport. An deem Sënn mécht en Akrobat ëmmer Sport.
- E Schachspiller, e Skatspiller maache kee Sport, well hire Kampf net mat engem Effort musculaire (Muskelustrengung) verbonnen ass.

- Den Training zu engem individuelle Sport (Athlétisme) oder Ekippesport (Basketball) ass Sport, deen der Éducation physique gläicht. Duerfir verwiesselt een oft: Éducation physique an Éducation sportive.

Kritik un der Definitioun Hébert

Wat eis an der Definitioun Hébert net kloer gëtt, ass

1. d'Iddi vum Spill, an den Zweck vum Spill, de Kierper ze schoulen

Weesentlech ass och

2. d'Iddi vun der Gratuitéit.

Feelen dës zwou Komponenten am Sport, da maachen ech eng Aarbecht. Ech si professionell. Well hien dës zwou Iddien ewechgelooss huet, konnt hie sech erlaben, iwwer „Sport contre Éducation physique" ze polemiséieren.

Wann een eis freet: „Wuerfir dreift dir Sport?", da musse mer kënnen äntwerten: „Well dat eis Spaass mécht". Wéi de Marcel Berger sech ausdréckt: „En dehors de tout raisonnement, le phénomène sportif m'amuse. "

Et ass also nit nëmmen eng Dominante, déi, wéi den Hébert seet, d'Iddi vun der Lutte ass, mä et ass och eng Sous-dominante, d'Iddi vum Spill, déi dem Sport de Reiz ginn, wuerfir de Sport bei der Jugend Uklank fënnt. De Sport bréngt et fäerdeg, eng physesch Aktivitéit ze motivéieren, unzekuerbelen.

Loosse mer dës Motivatioun e wéineg ënnersichen.

Wa mer Motivatioun soen, dann denke mer un e Motor, en Driff, deen an all Mënsch stécht; de Motor, den Driff muss Fudder fannen; dat Fudder ass, wéi mer gesot hunn, Kampf a Spill. An de Motor, deen heescht „Wille zur Macht" (désir de puissance), deen ëmmer erausfuerdert a kuckt, wéi wäit hie ka goen. Hie läit schonn am Kand an et ass eng Face vum Selbsterhaltungstrieb an zwar d'Säit vum Ugréff. Et ass och eng Form vum Spill a jidderee weess, wéi liicht aus Spaass kann Eescht ginn.

Mir kennen also de Motor, den Urdriff, deen do Machtdriff heescht, a mir kënnen eis ausmolen, zu watfir Avantagen a Mëssstänn de Sport ka féieren, wa mer e vergläiche mat Feier, vun deem de Schiller am „Lied von der Glocke" seet:

„Wohltätig ist des Feuers Macht,
wenn sie der Mensch bezähmt, bewacht
und was er bildet, was er schafft,
das dankt er dieser Himmelskraft.
Doch furchtbar wird die Himmelskraft,
wenn sie der Fessel sich entrafft,
einher tritt auf der eignen Spur
die freie Tochter der Natur."

Avantagen nëmmen, wann d'Reegele vum Sport ugewannt a respektéiert ginn.

Desavantagen, wann d'Passiounen exaltéiert ginn.

Huele mer un, um Terrain ginn och nach d'Reegelen akzeptéiert, an esou bal vum Terrain erof, ass d'Verhale vum Sportsmann dat vun engem Schlappschwanz. Kënne mer da vun enger moralescher Influenz vum Sport schwätzen? Neen.

De Sport bitt der Jugend Occasiounen, den Urdriff ze befriddegen an engem gereegelte Mooss, mä eréischt, wann aus tugendhafte Momenter, déi onzweifelhaft um Terrain oder op der Pist bestinn, moralesch Tugende geschaf ginn, déi am aussersportleche Liewe virunexistéieren.

Dann eréischt kann ee vun engem moraleschen an edukativem Wäert vum Sport schwätzen.

De Georges Berthier, an der École des Roches, illustréiert dat folgendermoossen: „Le sport donne beaucoup, mais à celui qui lui apporte beaucoup ; l'équipe à vrai dire, ne crée pas, elle confirme, accroît, multiplie ce qui existait devant elle. Un grand équipier est un caractère, mais il était déjà un grand caractère avant d'être un équipier ".

An domat schneide mer den zweete Ponkt un, de Milieu, an deem de Sportler liewe muss, de Milieu, dee vun den Dirigeants sportifs muss kreéiert ginn. De Jean Giraudoux seet : « C'est l'Éducateur qui doit donner au sport ses règles morales ».

Et ass de Club mat sengem Lokal, sengem Terrain, de Komeroden, de Comitésmemberen, de Supporteren, déi de Sportsmilieu zesummesetzen an eng Ambiance schafen.

Den Étienne de Greef, a sengem Buch „Culture et Éducation physique ", behaapt a beweist, datt e schlechte Milieu sportif net nëmme keen edukative Sënn huet, mä datt hie vill méi desaströse ka wierken, wéi iergendeen anere Milieu vum selwechte Niveau, well de Sportsmilieu eben en aktive soziale Milieu ass, an deem Urdriff Satisfaktioun gëtt.

Normalerweis trëtt de Jonktem eréischt zimmlech spéit un d'Liewen erun a setzt sech mat de soziale Realitéiten auserneen. Hie lieft, esou e jonk ass, an enger Welt vun Idealen, geet sech iwwerall Helde sichen, oder seng Championen oder seng Helleg, wéi mir et wëlle nennen. Hie façonnéiert se kierperlech a geeschteg no sengen Aspiratiounen a modelléiert sech sou e Fong vun Illusiounen a Mythen, déi hie stäipen, wann de Choc vun den Deceptioune kënnt. Da muss säi Glaf un dat Gutt, un dat Schéint staark genuch sinn, fir hien erëm opzeriichten.

Wann de Sport der Jugend awer virzäiteg Occasioune gëtt mat enger sozialer Realitéit a Verbindung ze trieden, déi dës Tugenden erniddregt, vun deenen hien dreemt, dann zerstéiert de Milieu virun der Zäit seng moralesch Strukturen doduerch, datt se hir beweist duerch d'Experiment, datt déi moralesch Welt, vun där hien dreemt, Schwindel ass.

Denke mer nëmmen un déi mënschlech Erniddregungen, déi d'Jugend erlieft, déi zoustane komme bei Kombinnen (wéi een dat dann nennt), déi gedréit ginn iwwert der Kompetitioun, oder bei engem Deplacement , wou déi Responsabel, d'Dirigeanten aus der Roll falen, déi hiert moralescht Wuessen onméiglech man duerch dat schlecht Beispill vun deene Groussen.

„Worte bewegen, Beispile reißen hin". Méi wëlle mer net soen. Mä dës Wierder sollen en Appell sinn un all déi, déi heibanne sinn, fir matzeschaffen, datt esou Mëssstänn ophéieren.

Den Appell ass also geriicht:

1. un d'Jugend, déi kathoulesch Jugend, déi Dir hei vertriet, datt se mat hirem gesonde moralesche Fong als „minorité agissante", als Sauerteig (wéi d'Bibel seet) an de Milieu sportif erantrëtt.
2. un all déi, déi Erzéiong duerch hiert Beispill weiderginn, dat heescht Pappen an hir Stellvertrieder, also all Erzéier, datt se der jonker Generatioun eng Stäip soll sinn an hirem Numm als Katholicken, als Streiter Christi och all Éier maachen.

Wéi stëmmt et mat dem éischten a gréisste Gebot?

Wéi vill Zäit an Efforte stelle mir an den Déngscht vun der Jugend, an zwar **onentgeltlech**?

Suergen och d'Autoritéite genuch dofir, dass genügend a kapabel Educateuren am Sportsberäich der Jugend zur Verfügung stinn?

Gewëss, mir hunn eng École nationale des Sports. Mä vun de Jugendorganisatiounen, sinn et bis elo nëmmen d'Scouten, déi do matgemaach hunn an dat an engem klenge Mooss. Bis elo hunn ech do meeschtens Leit gesinn, déi wollten ausgebilt ginn als Trainer, fir spéider bei engem Veräin Geld ze verdéngen. Et ass ëmmerhi schonn dat! Mä kënnten do net vill méi jonk Leit hikommen, fir sech mat de Methode vertraut ze man, déi der physescher Erzéiong zu Gronn leien, ouni datt se onbedéngt als Zil eng spezifesch Verdéngschtméiglechkeet virun Ae gesinn? Dat geet also d'Jugend selwer un, déi gäre soll kommen, an d'Erzéier, déi se solle schécken.

Et weess ee ni ze vill a "Wissen ist Macht".

Aner Froen, woumat eis Autoritéiten, deenen d'Gesondheet vun der Jugend a vum Vollek uewe leien, sech kënne stellen, an dat am Eescht, sinn déi hei:

Si genuch Plazen do, wou ee kann ongenéiert senger Liblingssportart nogoen? Foussballplaze sinn a villen Dierfer. Et gëtt nun awer eng Rei vu Kanner a Jugendlecher, déi léiwer en anere Sport géifen dreiwen, dat gesäit een an de Schoulen. Eng Piste ronderëm en Terrain invitéiert ëmmer fir ze lafen; eng Sprangkaul fir ze sprangen, eng Piscine fir ze schwammen, e Klettegerüst fir ze kloteren, genausou wéi e Bierg an der Schwäiz fir drop ze klammen.

Steet och Geld genuch zur Verfügung fir Material, dat séier verschläisst, ze ersetzen? Esouguer an eise Mëttelschoulen, wou mer net schlecht gestallt sinn, ass net alles am rosa. 11 Turnsäll, déi op 13 Schoule verdeelt sinn, stinn zur Verfügung, fir datt 4 000 Élève wärend zwou Stonnen, vun 30 an der Woch, kënnen hire Kierper schoulen. Déi Turnsäll stamen aus der Zäit, wou dat schweedescht Turne mat groussen Effektiver konnt ausgefouert ginn. Deemools ass et mat 2 m^2 pro Mann duergaang. Haut, wou d'Motivatioun vum Exercice muss berücksichtegt ginn, ginn och aner Methoden ugewannt an d'Schoulhäff sinn als Behollef mat bäigezu ginn, fir Raum ze schafen. An trotzdeem kann et nach net zu enger methodescher Éducation physique progressive kommen, well d'Zäit vun 2 Stonne fir déi Kleng an 1 Stonn fir déi Grouss, net duergeet. Wärend där Zäit kann d'Jugend just hirem Drang no Beweegung Loft man an et kënnt nach net zu deem Moment, wou si dono freet, fir sech ze verbesseren.

Et intresséiert och vläicht, wat u Geld a Personal zur Verfügung steet. Fir 4 000 Élève stinn 120 000 Frang pro Joer zur Verfügung. 17 Professeren a Moniteure betreien dës Élèven technesch.

Fir den ausserschoulesche Sport kommen nach 150 bis 200 000 Frang derbei, plus eng Organisatioun, déi 10 fräiwëlleg Persounen zielt.

Dat sinn Zuelen, déi ee proportionell muss gesinn, deenen een de Verschleiss vum Sportmaterial, Reeskäschten, Organisatiounskäschte muss entgéint hale fir erauszefannen, wat u Material pro Éééve iwwreg bleift. Wann nämlech e Schüler eng bestëmmt Beweegung soll léieren, an se an enger Stonn nëmmen zéngmol kann ausféieren, an dat erëm no 3 oder 4 Deeg oder 8 Deeg Intervall, da sinn d'Chance kleng, datt hien de Geste léiert. A bekanntlech gëtt am Turne keng Hausaufgab.

Zënter 10 Joer, wou mat der Gymnastik nëmmen dat hygienescht Zil verfollegt ginn ass, si mer mat der Éducation physique, déi Éducation du geste soll sinn, net wäit viru komm. Hei ewéi iwwerall gëllt de Grondsaz: „Ohne Fleiß, kein Preis".

Wéi vill Schrëtt muss ee gemaach hunn, bis d'Foulée esou ass, datt se engem et erlaabt, 5/10 Sekonne méi séier ze lafen op 100 m?

Wéi vill Wërf mat der Bomm oder dem Diskus muss ee probéieren, bis de Geste esou ageschlaff ass, datt een 1 m méi wäit stéisst?

An esou ass et mat all Geste sportif, ob dat Ballstoussen oder Kierfwerfen heescht oder anescht.

Et geet nëmme mat Training. Eréischt wann een trainéiert ass, dann huet een d'Recht, sech dem Vollek sonndes ze weisen. Wann ee selwer trainéiert, da versteet een och de Komerod oder den Equipier, deem eppes net geléngt, an et fält een net iwwert hien hir mat Schmähridden.

Wa mer dëst alles nach eng Kéier zesummefaassen, dann hale mer fest, datt

- engersäits de kathoulesche Jonktem mat Freed an Iwwerzeegong an der Sportswelt matwierke muss wéi e „Sauerteig", sief et als aktiven Athlet, sief et als Dirigeant sportif, Comitésmember oder Trainer, dann ass d'Sportswelt eng Puissance, dergéintiwwer
- anerersäits eis Autoritéiten hir Responsabilitéiten huele mussen an den Honger no physescher, sportlecher Aktivitéit stëlle musse mat den néidegen Anlagen, Gelder a Sympathien.
- Déi éischt Brécken an dësem Sënn sinn haut geworf. Är Presenz war net ëmsoss, an aus der geeschteger Presenz hoffe mer, datt et eng kierperlech gëtt um Terrain. Dann eréischt verwierkleche mer dat Wuert vum Poopst Pius XI:
  „Sidd Chrëschten, mä sidd mannhaft, praktizéiert d'Evangelium a praktizéiert de Sport, vernoochléissegt weeder är Séil nach äre Kierper".